25 Joer

PATIENTE VERTRIEDUNG
ASBL

## Am Dengscht vum Patient




## Hëllef an Informatioun




## Am Dengscht vun Ierch




## National representatif



# Patiente Vertriedung Asbl :

25 Joer

**25 Joer**
ass d’Patiente Vertriedung Asbl elo am Déngscht vun de Patienten an hiren Familljememberen.

**25 Joer**
am Déngscht vun der Allgemengheet, vun all Eenzelem, well jiddereen ass iergendwann an sengem Liewen emol Patient.

D’Patiente Vertriedung Asbl huet sech an däsen 25 Joer vun enger Ulafstell vun Patienten mat Problemer am Gesondheets an S ozialen Wiesen, weider entwéckelt, zu enger Institutioun, déi als National Representativ Associatioun fir Patienten unerkannt gin ass, dëst och ënnert dem Label vun der „utilité publique“.

D’Patiente Vertriedung Asbl ass zum privilegéierten Partner fir d’Politik an déi Offiziell Instanzen genannt gin, wei eis och nach virun kuerzem an enger Parlamentarescher Äntwert vun der Madamm Minister Paulette Lenert bestätegt ginn ass. Eng vun den Haaptaufgaben vun der Patiente Vertriedung Asbl bléift awer och weiderhin d’Hëllef an Informatioun am Gesondheets- an Securitésocialsberäich.

D’Patiente Vertriedung Asbl bitt Hëllef bei Administrativen Demarchen un. Zousätzlech dozou  kann een 1x am Mount Äntwerten an Rot am juristesche Beräich kréien. Patiente Vertriedung Asbl bitt och Hëllef un bei der Analyse vun engem Patientendossier an Erklärungen bei medezineschen Froen, dëst am Kader vun den Kompetenzen vun der Patiente Vertriedung Asbl.

Dëst Joer ass et ons duerch d’Pandemie leider net méiglech fir zesummen mat Iech alleguerten ze feieren. Mir wäerten awer online eis 25 Joer thematiséieren an een Online-Réckbléck machen ob déi lescht 25 Joer an mir freeën ons elo schonn, des Feierlechkeeten an noer Zukunft zesummen mat Iech kënnen nozehuelen.

Adresse:
1B, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

Kontakt:
Tel.: (+352) 49 14 57–1
E-Mail: info@patientevertriedung.lu